# <u>Rapport réunion du 14.1.2026</u>

<u>*Présents:*</u> Rom Engels, Guy Kruchten, Marco Schmit, Serge Raach, Lex Schroeder, Suzie Godart
<u>*Excusés:*</u> Dan Wiseler, Marco Schmitz, Claude Magar

## *1)* <u>Approbation rapports</u>

De läschte Rapport gët allgemeng gutt geheesch a kann online gesat gin.

## *2)* <u>Préparation remise des prix "Kichechef Trophy"</u>

24.1.2026 um 14:30 uewenop am Kichechef zu Capellen.  RdV fir d'Leit vun der Kommissioun:13:30.
De "Save the date" as ewell eraus, an d'Federatioun kann d'Invitatiounen un d'Kanner erausschécken an d'Umeldungen opmaachen.
D'Medaille sin do a goufe kontrolléiert, do misst alles klappen.
D'Trikoe sin och färdeg, d'Suzie geet déi bei G-art ofhuelen.

Material waat muss op der Plaz sin: Beachflag an Podiumscalico Fscl, Beachflag a Calico Kichechef, Estrade oder Podium, Mikro mat Lautsprecherbox, Catering (D'Suzie këmmert sech drëm daat mat dem Florian Salzinger an dem Här Hilgert ze organiséieren.)

<u>Oflaf:</u>

- Intro (kuerz) Engels Romain
- Mot de Bienvenue vum "Haushär " Marc Hilgert
- Kuerze Speech Vertrieder FSCL
- Ried Lex Schroeder Präsident Commission Jeunes
- Verdeelen Medaillen an Trikoen pro Kategorie (Suzie rifft d'Kanner op (ëmmer zwee mateneen), zwee Leit iwwerreechen d'Medaillen, zwee Leit kanaliséieren d'Kanner fir d'Foto)
- Diplomer a Stickere gin all zesummen an enger Enveloppe un e Vertrieder vun de jeweilige Veräiner iwwergin.
- Fotoen: Marco Schmit a Fabio…
- Mot de la fin (Opruf fir Fair-play a Spaass an der Saison 2026) Suzie Godart
- Invitatioun op d'Agape: Marc Hilgert

## *3)* <u>Règlement</u>

Waat de Punkt vun "Dépannage respektiv assistance en cas de chute ou d'ennui mécanique" ugeet, soll de Claude do nach e klengen Ajout

maachen, dat d'Streck nët därf verlooss gin an d'Kand soll iwwer d'Streck bis op d'Ligne d'Arrivée goen , fir dann awer nach klasséiert ze gin.
Duerno **muss** d'Federatioun, d'Reglement esou séier wéi méiglech un d'Veräiner schécken, dat ët op der Assemblée gestëmmt ka gin.

*4)* Kids Juge

Fir dat ët do endlech weider geet, schaffe mir zesumme mat dem Florian Salzinger eng Strategie aus, déi da vum CA muss approuvéiert gin. Mir hoffen dat dëst nach virun der éischter Epreuve de Fall wärt sin.

*5)* Delegéierten Saison 2026

Fir d'Saison 2026 sin ët 13 Epreuven, plus d'Technikofzeechen. Pro Epreuve as een Delegéierte, plus een Ersatz virgesin, bei verschiddenen Epreuven (éischt Epreuve, Parcours Rodange) as eng zweet Persoun fir d'Aschreiwungen an d'Klassement virgesin.
Soubal d'Lëscht komplett as, krit d'FSCL se erageschéckt a ka se publizéieren.

*6)* Plaques Guidon

Pro Kategorie gi 50 Placke bestallt (.01-.50) fir lizenzéiert plus 20 fir Bambi respektiv 10 fir Benjamin fir Non-licenciés. Fir Minimes a Cadets gët déi selwecht Unzuel wéi fir Benjamin bestallt. Zousätzlech gin nach 50 Blanko Plake bestallt, wann ee séng verléiere géif oder eng futti geet. Zweet Placke gi mat 5€ a Rechnung gestallt.
D'Placke gi beim selwechte Fournisseur wéi d'läscht Joer bestallt, den Design bleiwt, bis op ee wäisst Feld wou d'Nummer dra steet, dee selwechten.

*7)* Réunion Clubs

Dës Réunioun soll per Teams gemat gin, do mus och nët jidferee vun der Kommissioun präsent sin. De Claude Magar an de Guy Kruchten organiséieren daat.

*8)* Mail Marco Schmitz

De Marco Schmitz huet proposéiert der neier Sportministësch symbolësch eng Licence loisir ze iwwerreechen, allgemeng gët daat positiv gesin. Mir gin d'Propose weider un d'Federatioun.

*9)* Divers

Datumer vu Manifestatioune wéi Olympiadag, COSL-Spillfest, Wibbel an Dribbel sollte mat Zäite bekannt gin a wou eis Kommissioun gefuerdert as, misst mat och da Congé Sportif oder Jeunes ugefrot gin.  Allgemeng si mir als Kommissioun der Meenung, dat virun allem beim Spillfest, mee och bei deenen anere Manifestatiounen, eis Jugend an hir Traineren aus dem Sportlycée mol sollten agebonne gin. Mir gin all Joer méi al, an Zukunft kënne mir daat souwisou nët méi stemmen an ët as jo och esou, dat eis Jonk solle geléiert gin, nët nëmmen ze verlaangen, ma och emol eppes zeréck ze gin.

<u>Nächst Sitzung as den 23.2.2026 um 19:00 um Stade Boy Konen</u>